PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/09/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Den 10ten August hu mir eng parlamentaresch Fro zum Thema Auslandsreese fir geimpfte Persounen un d'Madamm Gesondheetsministesch gestallt (Fro N°4822). An der Fro goung et virun allem ëm d'Arees an d'USA. D'Wäisst Haus huet dës Woch matgedeelt, dass den "Air Travel Ban" fir geimpften Europäer soll am November ewech falen.
Allerdéngs stellt sech d'Fro, wéi eng Persounen fir d'Amerikaner als geimpft gëllen. Vaccinë wéi dee vun AstraZeneca ginn an den USA z. B. net genotzt. Zu Lëtzebuerg goufe Stand 6.09.2021 awer 110'750 Dose vun dësem Vaccin versprëtzt.

An der Washington Post heescht et haut dozou:

> *"It also is not clear whether vaccines that have not been authorized in the United States, such as the Oxford-AstraZeneca shot or vaccines made by China and Russia, will be accepted. That will be determined when the details of the new rules are hammered out by federal agencies, White House aides said."*

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Fro stellen:

1. Kann d'Madamm Ministesch eis Detailer zu den Areeskonditiounen an d'Vereenegt Staten nennen? Falls net, wäert den EU-USA Aarbechtsgrupp zu dësem Thema eng gemeinsam Positioun ausschaffen?

Mat déiwem Respekt,

| CLEMENT Sven | GOERGEN Marc |
| --- | --- |
| Député | Député |